



Aktivitéitebericht 2019



DAACHVERBAND VUN
DE LËTZEBUERGER
JUGENDSTRUKTUREN



Léif Lieser*innen

Den Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen bléckt op ee spannend an dynamescht Joer 2019 zeréck.

Déi gutt Aarbecht ass doduerch méiglech, datt de Conseil d'Administration, de Qualitéitszierkel an d'Ekipp vum Siège konstruktiv an Hand an Hand mat de Memberen zesumme schaffen.

Dës Stabilitéit ass ee Garant dofir, den, am Joer 2019, 42 Membere vum DLJ déi Qualitéit u Prestatiounen an Offeren zoukommen ze loossen, déi si brauche fir eng geléngend a ganzheetlech Jugendarbecht op lokalem Niveau ubidden ze kënnen.

Ee Schwéierpunkt vum Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen am Joer 2019 ware sécherlech d'Demarchen am Hëlleck op d'Ännerunge vum Numm. Nodeems de 25. Abrëll 2019 d'Assemblée Générale offiziell fir deen neien Numm vum der EGMJ votéiert huet, trëtt d'EGMJ zënter dem 1. Oktober 2019 och no baussen ënnert dem neien Numm Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen asbl op.

Den neien Numm markéiert eng wichteg Etapp an der Geschicht vum Verband, an dréit dozou bäi, der Diversitéit an der Demande vun de Memberen, deenen hir Unzuel ëmmer nach erop geet, méi gerecht ze ginn.

Den DLJ, deen 1992 als EGMJ gegrënnt ginn ass, ass an deene leschte Joren ëmmer méi e Verband vun Träger vu Jugendhaiser a spezifesch Jugendservicer ginn, wat eng beräicherend a wünschenswäert Diversifikatioun vun der professioneller a benevoller Jugendarbecht a Lëtzebuerg duerstellt.

Zu den zentralen Aufgabe vum Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen gehéiert nieft der Representatioun vun de gemeinsamen Interessie vun den Träger vun de Jugendstrukturen, och d'Promotioun vum Austausch, der Kooperatioun an der Zesummenaarbecht.

Wichteg Aufgabe leien an der Berodung an an der Ënnerstëtzung vun de Memberstrukturen am Hëlleck op hir Froe ronderëm d'Gestiounsaarbecht an de Jugendstrukturen, sou wéi an der Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet fir de Jugendsektor an d'Interessie vu jonke Leit.

Fir dës Missiounen gerecht ze ginn, hält den DLJ dräi Haaptservicer fir seng Membere bereet: Service Stratégie, Service Salaires, Service Comptabilité.

Der Ekipp vum Siège vum DLJ ass e benevolle Conseil d'Administration iwwergestallt, dee vum benevolle Gremium, dem Qualitéitszierkel, berode gëtt.

E grouse Merci geet dofir un all Member vum DLJ, de Verwaltungsrot, de Qualitéitsbeoptraagten mat dem Qualitéitszierkel souwéi d'Ekipp vum Siège. Besonnesch bemierkenswäert ass déi grouss Zuel un Netzwierker a Partnerschaften, ouni déi d'DLJ-Aarbecht esou net machbar wier. Dofir wëll den DLJ all Kooperatiounspartner, de Gemengen a besonnesch dem Team vum Jugendservice vum MENJE, dem SNJ an all de Jugendarbechter*inne Merci soen. Wat d'Memberschaft ugeet, war den DLJ frou d'Phoenix asbl an de Centre National de Prévention des Addictions (CNAPA) als Member begrüessen ze kënnen.

Mat engem grouse Merci a grousser Unerkennung
Brigitte Ley,
Presidentin vum DLJ





Inhalt

1.	DLJ allgemeng	5
1.1	Personell Besetzung: Virstand, Qualitéitsbeoptraagten a Personal	7
1.2	Virstandsaarbecht vum DLJ	7
1.3	Missioun vum DLJ	8
1.4	Permanent Offere vum DLJ fir seng Memberen	10
1.5	Ausseverriedung vun de Memberen	10
1.6	Neien Numm vum DLJ a PR-Campagne	11
2.	Service Stratégie	12
2.1	De Qualitéitszierkel	13
2.2	Allgemeng Aktivitéite vum DLJ	16
3.	Service Salaires	23
3.1	Allgemeng Statistiken	24
3.2	Statistiken aus de Jugendservicer	25
3.3	Statistiken aus de Jugendhaier	26
4.	Service Comptabilité	27
4.1	Statistesch Auswäertungen	28
5.	Allgemeng Infoen	30
5.1	DLJ a.s.b.l.	31
5.2	DLJ Memberen	32
5.3	DLJ a.s.b.l. ënnerstëtzen	34






1. DLJ allgemeng



DEN DLJ OP EE BLÉCK



42

MEMBEREN

- ▶  61 Jugendhaiser
- ▶  18 Jugendservicer

+300

BÉNÉVOLER

- ▶  Lokal
- ▶  National
- ▶  am Daachverband

engagéiert fir de Jugendsekteur

1.1 Personell Besetzung: Virstand, Qualitéitsbeoptraagten a Personal

Zënter der Generalversammlung, déi am Abrëll 2019 ofgehalen gouf, besteet de Verwaltungsrot (Conseil d'administration, CA) aus 9 benevolle Vertrieeder, déi vun hirer ASBL ee Mandat fir am DLJ matzeschaffe kritt hunn.

Et gouf och eng Ännerung am Qualitéitszierkel. No zwee Joer am Amt huet d'Madame Jacqueline Hueber (Jugendhaus Gemeng Betzder asbl) hiren Posten als Qualitéitsbeoptraagten dem Här Marc Seiler (Graffiti asbl) weiderginn.

Brigitte Ley	Präsidentin <i>Schëtter Jugendhaus asbl</i>
Thérèse Michaelis	Vize-Präsidentin <i>Jugendhaus Rëmeleng asbl</i>
Laurent Hurt	Vize-Präsident <i>CRIAJ Grevenmacher asbl</i>
Alain Cornély	Tresorier <i>Jugendtreff SABA asbl</i>
Cathérine Jezek	Sekretärin <i>Génération 2000 asbl</i>
Martine Goetz	Administratrice <i>CRIJE Esch asbl</i>
Caroll Kremer	Administratrice <i>Inter-Actions asbl</i>
Nico Meisch	Administrateur <i>Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung</i>
Ben Wagener	Administrateur <i>Maison pour jeunes des communes de Bous, Remich, Schengen et Stadtbredimus asbl</i>



Et gouf 2019 keng Ännerung am DLJ Mataarbechter Team.

Den DLJ ass besonnesch frou fir jonke Leit a Fräiwëllegen d'Méiglechkeet ze ginn, Asicht an d'Aarbecht um Siège ze kréien. E grouse Merci geet dofir u folgend Stagiairen a Volontairen:

Cecilia Ferreira	Stagiaire als administrativ Mataarbechterin
Samuel Da Costa	Stagiaire vum LTB
Rolf Dockhorn	Stagiaire vun Initiativ Rëm Schaffen
Klevi Skandaj	Stagiaire vum LTC



1.2 Virstandsaarbecht vum DLJ

Déi strategesch Gestoun vum den Aktivitéiten vum DLJ gouf vum Bureau Exécutif an dem Verwaltungsrot zesumme mat der Direktiounsbeoptraagten koordinéiert. Et gouf e reegelméisseg Austausch tëscht der Präsidentin, de Vize-Präsidenten an der Direktiounsbeoptraagter.

Den DLJ ass a folgend Gremien vertrueden a mandatéiert:

- CCT-SAS : Comité de Pilotage, Négociatiounen, Commission Paritaire
- Commission d'Harmonisation "ASFT"
- Conseil supérieur de la Jeunesse (MENJE)
- National Working Group (nat. & internat. strukturéierten Dialog)
- Commission Qualité (MENJE, Jugendgesetz)
- Commission de la Formation continue (MENJE) / GT Enfance Jeunesse
- Commission du cadre de référence national sur l'éducation non formelle des enfants et des jeunes (MENJE)

Administrative Dienste

- Buchhaltung und Erstellung von Jahresabrechnungen der Jugendstrukturen im Auftrag der Träger zur Einreichung beim Ministerium
- Gehälterberechnungen des Personals der Jugendstrukturen im Auftrag der Träger
- Versicherungen: Kasko-Versicherung und Haftpflicht-Versicherung für die Jugendstrukturen auf Wunsch der Träger

Organisationsberatung auf systemischer Ebene für die Träger der Jugendarbeit

- Bereitstellen von Materialien und Ausarbeiten von geeigneten Instrumenten und Methoden zu Qualitätsmanagement und Personalmanagement (z.B. Arbeitsrecht, Fach- und Dienstaufsicht des Personals, Stunden- und Urlaubslisten, Einstellungskriterien, Teamführung)
- Beratung und Unterstützung der Trägerstrukturen im Hinblick auf die Inhalte des neuen Jugendgesetzes und die Umsetzung des Bildungsrahmenplans
- Aufstellung und Absicherung der ASBL vor Ort (z.B. strukturelles Aufstellen der ASBL und des Vorstands, Ehrenamt, Freiwilligenmanagement innerhalb der ASBL und durch den Dachverband)
- Bindeglied/Vermittler/Informationsstelle sein zwischen lokalem Träger und MENJE

Promotion, Aufklärung und Sensibilisierung über die Inhalte der Jugendarbeit sowohl für die breite Öffentlichkeit als auch für ein spezifisches Zielpublikum

- Fachverband für Strukturen der Jugendarbeit sein und die inhaltliche Arbeit der Jugendhäuser stärken und weiterentwickeln (inhaltliche Arbeit an Schwerpunktthemen der offenen Jugendarbeit gemeinsam mit dem MENJE, Stellungnahmen mit dem Jugendsektor ausarbeiten, Austausche/Workshops/Seminare national und international organisieren, alle Akteure innerhalb des Jugendsektors zu Wort kommen lassen)
- Bindeglied sein zwischen Träger und Jugendstruktur zur Jugendpolitik
- Public-Relation-Arbeit für unterschiedliche Zielgruppen (Gesellschaft, Eltern, Jugendliche, JugendarbeiterInnen, Träger von Jugendstrukturen) sowie Stakeholder

Internationale Vernetzung der Akteure der Jugendarbeit

- Organisation von internationalen Austausch-Projekten für Träger und JugendarbeiterInnen der Jugendarbeit, gegebenenfalls gemeinsam mit weiteren nationalen Akteuren des Jugendsektors
- Tagungen und Austauschplattformen zu gefragten Themen der offenen Jugendarbeit organisieren
- Tagungen und Austauschplattformen zum Thema ASBL und Ehrenamt/ehrenamtliche Leitung für Träger von Jugendstrukturen organisieren

Trägerschaft und Koordination für Pilotprojekte in der Jugendarbeit sowie deren Wissensmanagement absichern

- In Zusammenarbeit mit dem MENJE Träger von Pilotprojekten im Jugendsektor sein (z.B. Outreach Youth Work - Maisons des Jeunes)
- Koordination von bereits etablierten Pilotprojekten und Steuerung des Entwicklungsverlaufs
- Inhaltliche Begleitung von Pilotprojekten im Jugendsektor Prozesssteuerung und -begleitung auf allen Ebenen von Pilotprojekten und Kommunikation der Ergebnisse

Trägervvertretung in Verhandlungen und Diskussionen mit dem Ministerium und anderen Instanzen

- Als nationale Plattform die Meinungsbildung der Träger und Mitarbeitenden von Jugendstrukturen initiieren und steuern (z.B. Ausarbeiten von Stellungnahmen)
- Interessensvertretung national (z.B. im Rahmen des strukturierten Dialogs sowie in ministeriellen Arbeitsgruppen und Kommissionen)
- Interessensvertretung international
- Trägervvertretung im Rahmen des Kollektivvertrags
- Allgemeine Trägervvertretung bei Bedarf

1.3 Missionen vom DLJ



National Vertriebung
vun de Gestionnairen a
Lobbyarbeit



Organisationsberatung
a Management-
Unterstützung



Promotion vun der
Jugendarbeit



Gestaltung a
Koordination
vun Pilotprojekten



National an
international
Vernetzung vom
Jugendsektor



Administrativ
Services

Qualitätsmanagement

Gestionnairen

Jugendliche

JugendarbeiterInnen

Bénévolat

Vernetzung

1.4 Permanent Offere vum DLJ fir seng Memberen

D'Ekipp vum DLJ steet fir all Member zur Verfügung wa si themeniwwergräifend oder spezifesch Froën hunn. Op Wonsch vun de Membere kënnen ëmfaassend Info-Veranstaltungen a Formatiounen iwwer déi legal Situatioun, Budget a Personalfroen, souwéi Ufuerderungen am Kader vun der Qualitéitssécherung ugebuede ginn, mam Zil vun der Informatioun an der Qualitéitsentwécklung vun den Träger.

Am Joer 2019 huet d'Ekipp vum DLJ u lokale Memberversammlungen deelgeholl, seng Kompetenzen zur Verfügung gestallt a gouf op Generalversammlungen a weider Feierlechkeete vu Memberen invitéiert.

1.5 Ausseverriedung vun de Memberen

Zousätzlech zu der Gremienaarbecht vum DLJ, déi reegelméisseg stattfënnt, huet den DLJ seng Memberen op villen Evenementer vertrueden an Invitatioune vu Partnerorganisatiounen kritt.

Och hei e grouse Merci un déi national an international Partner déi et méiglech gemaach hunn, dass den DLJ u Veranstaltungen a Kollaboratioune konnt deehuelen.



1.6 Neien Numm vum DLJ a PR-Campagne

2019 huet den DLJ a Kooperatioun mat senge Memberstrukturen un enger Plakat-Campagne geschafft, déi dräi zentral Ziler verfollegt:

1. Bekanntmaachung a Promotioun vum neien Numm :

„Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen“

2. Valoriséierung vum benevollen Engagement am Jugendberäich. D'Benevolat ass zu Lëtzebuerg ee wichtege Pilier vun der Gesellschaft. A.s.b.l.en lieue vum Asaz a vum Engagement vun hire benevolle Memberen. Dëst betrëfft ganz besonnesch och d'Träger an d'Gestionnaire vun de Jugendstrukturen, déi sech dagdeeglech fir d'Interessen an d'Besoinen vu Jonken setzen. D'Diversitéit vun de Jugendhaiser a Jugendstrukturen hei am Land kéint ouni den onermiddlechen Asaz vu Benevollen net an der haiteger Form existéieren. Den Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen mécht sech staark dofir, datt d'Benevolat an de Jugendstrukturen och an Zukunft bestoe kann, an hirer wichtege gesellschaftlecher Aufgab am Sënn vun de Jonke gerecht gëtt.



3. D'Ënnersträiche vun der Wichtigkeet vun der Zesummenaarbecht op 3 Niveauen:

Gestionnaires – JugendaarbechterInnen – Jonker, als Garant vun enger professioneller Jugendaarbecht hei am Land.

Ee ganz grouse Merci soe mir all de Benevollen, JugendaarbechterInnen a Jonken, déi dës Campagne méiglech gemaach hunn.





2.

Service Stratégie



2.1 De Qualitéitszierkel

Eng wichteg Stäip am lëtzebuerger Jugendsecteur ass de benevollen Engagement vu sëllege Persounen op lokalem an nationalem Niveau. Besonnesch däitlech gëtt dësen Engagement och an der Aarbecht vum Qualitéitszierkel vum Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen.

Ee Schwéierpunkt vum dësjäregen Opdrag vum Qualitéitszierkel war d'Realiséierung vun enger Enquête iwwert de Stress beim Personal an de Jugendhaiser.

D'Wuelbefannen an d'Gesondheet am Betrib sinn essentiell fir d'Zefriddenheet op der Aarbecht, fir ee gutt Aarbechtsklima a fir eng gutt a geléngend Jugendaarbecht sécherzestellen.

Fir déi ëffentlech Perceptioun vum Qualitéitszierkel ze verbesseren, gouf ee Flyer realiséiert, an deem d'Membere vum Qualitéitszierkel presentéiert ginn an d'Gremienaarbecht vum QZ beschriwwen gëtt.

Weiderhinn gouf am Qualitéitszierkel een Outil diskutéiert, deem déi eegen Evaluatioun vun de Jugendstrukturen verbesseren an erliichtere soll. Dësen Outil ka benotzt ginn fir d'Wichtigkeet an d'Erreche vu verschiddene Qualitéitskrittären an ënnerschiddlechen Domainen ze erfassen, a sech een Iwwerbléck ze verschafen. Am Kader vum Qualitéitszierkel wäert dësen Tool 2020 weiderentwéckelt ginn, an an eng éischt Testphas goen.

De Qualitéitszierkel

Armél Josselin
MJC Bettembourg a.s.b.l.

Jérôme Mailliet
DLJ a.s.b.l.

Marc Pletsch
Jugendtreff Käl Téiteng a.s.b.l.

Annie Loschetter
Jugendstuff Munneref

Franz Bittner
EVEA a.s.b.l.

Thérèse Michaelis
Jugendhaus Rëmeleng a.s.b.l.

Elly Reding
Jugend- an Multimediahaus
Nidderaanwen a.s.b.l.

Marc Seiler
Graffiti a.s.b.l.

Simone Grün
DLJ a.s.b.l.

Net op der Foto
Brigitte Ley
Schëtter Jugendhaus a.s.b.l.

Martine Goetz
CRIJE Esch/Alzette a.s.b.l.

Den DLJ seet de benevolle Memberen vum Qualitéitszierkel Merci



D'Qualitéitsmanagement-Handbuch vum DLJ

D'Qualitéitsmanagement-Handbuch vum DLJ gouf vum "Service Jeunesse" vum "Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse" (MENJE) als Konzept (CAG) vum DLJ unerkannt. Och am Joer 2019 war d'Handbuch e wichtege Guide fir d'Gestionnaires.

D'Hauptkapitele vum Qualitéitsmanagement-Handbuch hunn déi folgend Rubriken:

- Organisatioun, Beschreiwung a Missiounen vum DLJ
- Qualitéitsentwécklung a Qualitéitskontroll fir Träger vu Jugendstrukturen
- Qualitéitssécherungssystem

Duerch d'Aarbecht vum Virstand, dem Qualitéitsbeoptraagten an dem Qualitéitszierkel gëtt um Qualitéitsmanagement kontinuierlech geschafft an d'QM-Handbuch déngt als Basis fir all Servicer an Aktivitéite vum DLJ.



Dir kënnt d'Qualitéitsmanagement-Handbuch
ënner folgendem Link eroflueden:

<https://www.dlj.lu/lb/qualiteitsbeoptraagten-qualiteitszierkel/>

Rapport vum Qualitéitsbeoptraagte vum DLJ

Als de 5. Qualitéitsbeoptraagten vum DLJ sinn ech frou, iech de Rapport vun 2019/2020 virstellen ze dierfen. Ech soen de Membere vum Qualitéitszierkel, dem CA, an der Equipe vum DLJ ee ganz grouse Merci fir déi gutt Kooperatioun an Zesummenaarbecht.

Folgendes ass an der Period 2019-2020 alles ëmgessat ginn:

- 6 Reuniounen vum Qualitéitszierkel:

6. Juni 2019	19. November 2019
4. Juli 2019	28. Januar 2020
2. Oktober 2019	13. Mee 2020 (iwwer Videokonferenz)

Doriwwer eraus hunn ech de Qualitéitszierkel vum DLJ op folgenden Evenementer representéiert:

- 2019-2020: Participatioun u verschiddene Reuniounen vum Conseil d'Administration vum DLJ an un der Plateforme de Coopération mam MENJE vum 18. November 2019
- Participatioun um „Praxis- und Kontakttag“ vun der Uni Lëtzebuerg
- Participatioun um Symposium iwwer „Evaluatioun a Selbstevaluatioun an engem Jugendhaus“ am Mariendall
- Representatioun vum DLJ op der Foire de Migration
- Representatioun vum DLJ op der Foire vun der Jugendarbecht um Geesseknäppchen
- LTPES
- Austausch Formatioun Graffiti/ DLJ

Missioun an Aarbechtsoftrag

De 5. Mäerz 2019 gouf den Aarbechtsoftrag fir den nächste Qualitéitsbeoptraagten an der leschter Versammlung vum QZ virun der AG 2019 festgehalen.

Den Optrag vum Qualitéitszierkel ëmfaasst ënner anerem de Wonsch no enger méi héijer Präsenz vum Qualitéitszierkel um Terrain, sou wéi déi allgemeng Promotioun vum Qualitéitszierkel an der ëffentlecher Wahrnehmung.

Heifir gouf ee Flyer realiséiert, an deem d'Membere vum Qualitéitszierkel presentéiert ginn an d'Gremienaarbecht vum QZ beschriwwen gëtt.

Gesondheet a Wuelbefannen

D'Wuelbefannen an d'Gesondheet am Betrib sinn essentiell fir d'Zefriddenheet op der Schaff, a fir eng gutt a geléngend Jugendarbecht sécherzestellen. Et ass gewosst, datt et am Secteur vun de Jugendstrukturen eng relativ héich Fluktuatioun vum Personal gëtt.

Fir déi villfältig Erklärungen ze erfassen, befaasst sech de Qualitéitszierkel vum DLJ scho méi laang mat dësem Sujet. Aus dësem Grond huet de Qualitéitszierkel zesumme mam Service Stratégie ee Questionnaire entwéckelt, an deem et virun allem ëm dat subjektivt Stresspotential bei edukativem Personal an de Jugendhaiser geet. Iwwert d'Summerméint goufe ronn 200 Questionnairen un d'Personal vun de Jugendhaiser verschéckt. Bis den 20. September gouf et ee Retour vu 49 Questionnairen.

Déi perséinlech Informatiounen vun de MataarbechterInnen si bei der Erhiewung an der Auswärtung absolut anonym a vertraulich behandelt ginn.

Am groussen Ganze léisst sech feststellen, datt den allgemengen Stresslevel vun de Befroten, bis op e puer Ausname relativ geréng ass. Ee generelle Stress-Phänomen léisst sech net erkennen. Weiderhi fält op, datt et eng Paritéit am Hëbléck op d'Geschlechterverhältnis gëtt.

Op Basis vun de Resultater vun der Stress-Enquête huet de Qualitéitsbeoptraagten zesumme mam Service Stratégie een Avis mat Recommandatiounen ausgeschafft, deen dir um Site vum DLJ noliese kënnt.

Am Hëbléck op déi eenzel Befroten, déi uginn, vill Stress op der Aarbecht ze hunn, wäert den DLJ no individuelle Léisungen sichen, fir dës Persounen adequat ze ënnerstëtzen an u bestoend Offeren a Servicer weiderzeverméttelen.

Digitaliséierung

Digitaliséierung huet a wäert och weiderhin eis Gesellschaft grondleeënd verännere a virun Defiéstellen stellen. Net nëmmen d'Jugendarbecht ass gefrot kompetent Äntwerten op den digitale Wandel ze fannen, mee och déi organisational Aarbecht vu Betriber ass vun der Digitaliséierung betraff. An dësem Sënn hunn sech d'Membere vum Qualitéitszierkel mat dësem Sujet befaasst a no (digitale) Léisungen gesicht fir d'Aarbecht innerhalb vum Qualitéitszierkel ze erweidern an ze verbessere.

E konkrete Virschlag ëmfaasst d'Entwécklung a Realisatioun vun enger Videoplattform wou Best-Practice Beispiller aus der Jugendarbecht a Form vu Videoen héichgelueden a presentéiert ginn.

Heibäi solle besonnesch d'Membere vum DLJ an hir Gemenge considéiert ginn, also haaptsächlech Videoen, déi Offen an Thematesch Jugendarbecht promouvieren.

Ziler leien an der Informatioun a Promotioun vun der (Offener / Thematescher) Jugendarbecht zu Lëtzebuerg, sou wéi an der Ënnerstëtzung vum Wissensmanagement am Jugendsektor, an deem Best-Practice-Beispiller aus der Jugendarbecht digital dokumentéiert a festgehalen ginn.

Flyer vum Qualitéitszierkel



Avis vum DLJ iwwert de Stress



A handwritten signature in black ink, which appears to read 'Seiler Marc'.

Mat beschte Gréiss,
Marc Seiler,
Qualitéitsbeoptraagten vum DLJ

2.2. Allgemeng Aktivitéite vum DLJ

Fannt nofolgend ee kuerze Réckbléck iwwert déi wichtegst Aktivitéiten an Evenementer vum vergaangene Joer:

- Reuniounen am Kader vum Qualitéitszierkel a Realiséierung vun der Stressenquête
- Reuniounen vum Conseil d'Administration an dem Bureau Exécutif
- Realiséierung vum Aktivitéitebericht 2018 mat Statistiken iwwert de Jugendsektor
- Assemblée Générale de 25.04.2019 am Centre Culturel zu Bouneweg. Den DLJ seet Merci un déi vill fir d'Jugend Engagéiert op lokalem Niveau, de Memberen, den neie Memberen, dem aktive Verwaltungsrot, dem Qualitéitszierkel an der Equipe vum Siège.
- Equipe Reuniounen
- Reuniounen vum Service Stratégie
- Encadrement vu Stagiairen



- Encadrement vu Volontairen
- Preparatiounen am Virfeld vun der Internationaler Konferenz „Youth Work in the digital era“ vum 14-17. Januar 2020, déi den DLJ zesumme mam SNJ an der nation-aler Agentur Anefore organiséiert huet.
- DLJ Summer After Work den 11.07.2019, fir déi positiv Partneriater a Kooperatiounen zesumme mat de Memberen, Frënn a Partner vum DLJ feieren a valoriséieren ze kënnen.
- Organisatioun vum 1. Hëllef Cours fir JugendarbechterInnen, wéi och fir anert Personal aus dem Jugendsektor, zesumme mam Service Jeunesse vum MENJE den 12. & 14.02.2019
- Zwou Plate-formen mam MENJE: 20.03.2019 an 18.11.2019
- Visitt, fachlech Begleedung an Ënnerstëtzung vun de Member-Associatiounen iwwert dat ganz Joer
- Ausbau vum Internetsite vum DLJ
- Ëffentlechkeetsaarbecht ronderëm den neien Numm an Adaptatioun vum neie „Corporate Design“ vum DLJ, Realiséierung vun der Charte Graphique
- 10 Joer-Feier JH Dippëch den 12.10.2019
- Teambuilding DLJ zu Veianen den 18.10.2019
- Participatioun un der „Tagung der offenen Jugendarbeit in Österreich“ (Alpach/ Tirol) vum 24. – 26.11.2019
- Participatioun um Zukunftsforum „Professionelle Jugendarbeit in Europa“ vum 4. - 6.12.2019 zu Berlin-Brandenburg:
- Joeresofschlossfeier vum DLJ den 12.12.2019



- Initiatioun a Konzeptioun vum Projet „Loscht op Muer ?!“ a Kooperatioun mat SOS Kannerduerf Miersch, iwwert d'Liewenssituatioun vu jonke Mënschen hei am Land. D'Enquête, déi vun enger PR-Campagne begleet wäert ginn, ziilt ënner anerem do-rop of, d'Promotioun an d'Sensibiliséierung fir d'Jugendaarbecht a fir d'Interesse vu jonke Mënschen ze dynamiséieren.
- Redaktioun vun engem Artikel iwwert d'Gesondheet an d'Wuelbefannen an der Jugendaarbecht aus der Siicht vun de Gestionnairen am Opdrag vun der Universitéit Lëtzebuerg. Heifir goufen zwee Questionnairen entwéckelt, fir déi Jonk an déi Professionell aus der Jugendaarbecht iwwert d'Gesondheet an d'Wuelbefannen ze befroen. D'Resultater déi sech heiraus erginn, stellen d'Basis vun dësem Artikel duer.
- Virtrag a Workshop um 4. Symposium fir Jugendaarbechter mam Thema:

„Evaluatioun a Selbstevaluatioun an engem Jugendhaus“ de 26. Juni 2019 am Mariendall.

An engem Virtrag hat den DLJ d'Méiglechkeet, d'Selbstevaluatioun aus der Perspektiv vun de Gestionnaire virzestellen, an déi Outilen an Instrumenter ze beliichten, déi an deene vergaangene Jore vum DLJ en Place gesat gi sinn, fir déi (benevole) Memberstrukturen an hirer eegener Evaluatioun ze ënnerstëtzen.

Iwwerdeems konnten d'Simone Grün an de Jérôme Mailliet vum DLJ hir Expertise an engem vun dräi Workshoppen, deem si geleet hunn, ënner Beweis stellen. Als ee wesentleche Schwéierpunkt vum Symposium, ass et an den Ateliers dorëms gaangen, sech doriwwer auszetauschen, wat ee Jugendhaus mat enger gudder Qualitéit ausmécht, a wéi eng Qualitéitsaspekter an ënnerschiddlech Perspektiven et an enger (Selbst-)Evaluatioun ze berécksiichtegen a matzedenke gëllt. En plus gouf op verschiddenen Outilen an Hëllefstellunge geschafft, déi et de JugendaarbechterInnen méi einfach maache sollen, déi eege Selbstevaluatioun ze reflektéieren a méi bewosst an de Bléck ze huelen.





- Organisatioun vun der Formatioun: „Sensibilisatioun fir d’EU-Walen a fir d’Liewen als Jugendlechen an der Europäescher Unioun“ zesumme mam „Zentrum fir politesch Bildung“ an dem „Büro vum EU Parlament zu Lëtzebuerg“ de 5. & 6.2.2019.

Zil war et, de JugendaarbechterInnen méi Sécherheet am Ëmgang mat de Jonken am Híbléck op d’EU-Walen ze ginn an doriwwer eraus och d’Kompetenzen ze vermëttelen, déi Jonk individuell oder am Grupp gutt beroden ze kënnen.



- Lerncoaching- Eng Offer vum Praxisbüro vun der Uni Lëtzebuerg an Zesummenaarbecht mam DLJ. De Jérôme Mailliet huet un der Formatioun Lerncoaching participéiert, déi vun der Universitéit Lëtzebuerg bis Summer 2020 ugebuede ginn ass. Am Mëttelpunkt stinn hei déi adequat Begleedung a gutt Integratioun vu Stagiairen, Fräiwëllegen a neie MataarbechterInnen an de Betrib. D’Member-Associatiounen vum DLJ solle vun den Erkenntnisser profitéieren.



- Stand an Ëffentlechkeetsaarbecht op der Foire vun der Jugendaarbecht, den 8.10.2019 am Forum Geesseknäppchen
- Nominatioun fir de Jugendpräis 2019 a Participatioun un der Soirée de remise organiséiert vum SNJ den 16.05.2019
- Participatioun un der Konferenz „15 Joer Anonym Glécksspiller a.s.b.l.“, de 25.09.2019
- Participatioun un der Aweigung vum Jugendduerf vum Jugendtreff Norden zu Housen (Anne a.s.b.l.) de 26.09.2019

- Fachliche Vortrag vom Jérôme Mailliet iwwert déi professionell Jugendarbecht zu Lëtzebuerg op der HTW Saarbrücken am Kader vun der

„Fachtagung im Bereich der Jugendarbeit in der Großregion: Professionelle pädagogische Haltung und Handlungen für mehr Teilhabe junger Menschen in der Großregion“, de 24.05.2019



- Stand, Öffentlichkeitsarbeit an Themeninsel um Praxis- und Kontakttag vun der Uni Lëtzebuerg den 24.10.2019. Vill flott Andréck vun dësem Evenement fannt dir an der Publikatioun NetzWerk 3 vum PraxisBüro vun der Uni Lëtzebuerg ënnert:

<http://hdl.handle.net/10993/42751>



- DLJ-Mini-Seminaren- Zesumme mat senger Membere huet den DLJ dëst Joer eng Rei Mini-Seminare fir Gestionnaire an hir MataarbechterInnen ugebueden. DLJ-Mini-Seminaren erméiglechen et den (zukünftege) Membere vum DLJ sech als Träger virzestellen an op hir thematesch Jugendarbecht anzegoen, a sou mat deenen anere Memberen an een Echange ze trieden.



DLJ-Mini-Seminaren

fir Gestionnaire an hir MataarbechterInnen



1. Wéi kéint ech mam Fëmmen ophaalen?

Mëttwoch, den 3. Abrëll 2019 vun 10-12 Auer

Zesumme mat der Fondation Cancer bitt den DLJ dësse Seminaire am Kader vun der betrieblcher Gesondheetsförderung exklusiv fir Persounen déi selwer fëmmen un. Et geet drëms, Motivatioun ze fannen, fir eng Kéier mam Fëmmen opzehalen. Ofschlëssend wäert déi Thematik „Fëmmen am Jugendhaus / an der Jugendstruktur“ am Kader vun der Gruppen-Diskussioun opgegraff ginn.

2. Wéi kann mä perséinlecht Kriibsrisko miniméieren?

Dënschdeg, den 4. Juni 2019 vun 10-12 Auer

Zesumme mat der Fondation Cancer bitt den DLJ dësse Seminaire am Kader vun der betrieblcher Gesondheetsförderung un. Et geet drëms, sech iwwer seng perséinlech Liewensweis Gedanken ze maachen am Hëllef op déi eege Gesondheet. Ofschlëssend wäert am Kader vun der Gruppen-Diskussioun déi Thematik am Hëllef op d'Jugendarbecht an der Jugendstruktur resp. am Jugendhaus opgegraff ginn.



3. „No risk no fun- Risikokompetenz in der Jugendarbeit“

Donneschdeg, den 13. Juni 2019 vun 10-12 Auer

Zesumme mam CePT bitt den DLJ de Seminaire „No risk no fun – Risi-kompetenz in der Jugendarbeit“ un, mam Zil, fachlech an inhaltlech am Hëllef op eng suchtpräventiv Jugendarbecht ze stäerken.

4. Cannabis Legaliséierung

Donneschdeg, den 17. Oktober 2019 vun 10-12 Auer

Zesumme mam CePT bitt den DLJ de Seminaire „Cannabis Legaliséierung – eine Herausforderung für die Jugendarbeit“ un, fir sech gemeinsam iwwer Jugendarbecht no enger eventueller Legaliséierung vu Cannabis-Konsum auszetauschen. Zil ass et, mat de Jugendstrukturen Propositione fir en Ëmgang mat der Thematik Cannabis an der Jugendarbecht auszeschaffen.



5. Gewaltpräventioun an de Jugendstrukturen

Freideg, den 22. November 2019 vun 10-12 Auer

Zesumme mat der Phoenix a.s.bl. bitt den DLJ dësse Seminaire am Kader vun der Gewaltpräventioun an de Jugendstrukturen un. Inhaltlech geet et ëm eng gewaltpräventiv Approche an der Jugendarbecht a wéi d'Stëmmung an der Jugendstruktur duerch d'Haltung vun der/dem JugendarbechterIn beaflosst gëtt.

Mir soen eisen ExpertInnen ee ganz grouse Merci!



- DLJ-Reader - Den DLJ huet am Laf vum Joer eng Rei u Reader iwwer bestëmmten Themen publizéiert, z.B.: „Selbstevaluation als Qualitätsmerkmal der ehrenamtlichen Führungsarbeit in Jugendstrukturen“ an „Digitale Jugendarbeit“.

Dës Reader sinn eng Offer vum DLJ, fir Gestionnairen an aner Interesséierter a comprimierter Form iwwert ee bestëmmte Sujet ze informéieren. Dës Sujeten ergi sech aus der Aarbecht am Kader vum QZ an dem CA oder gräifen aktuell Froestellungen an der Gestions- a Jugendarbecht op.

- En plus bidd den DLJ mat „Séier informéiert“ eng nei Offer un, déi eng Serie u Kuerzdokumente ëmfaasst, fir Interesséierter kuerz a knapp iwwert ee bestëmmte Sujet ze informéieren. Den Ufank mécht de Paper iwwert d'Selbstevaluatioun fir Gestionnaire vu Jugendstrukturen, wou kuerz erklärt gëtt, wat een ënnert Selbstevaluatioun versteet, a wéi een sou eng duerchféiert. All dës Dokumenter fannt dir um Site vum DLJ.



<https://www.dlj.lu/lb/dlj-reader/>





3.


Service Salaires



3.1 Allgemeng Statistiken

Calcul des salaires par mois

Mois	Salaires	13 ^e mois	Soldes congés
Janvier	201	1	0
Février	203	3	1
Mars	204	4	1
Avril	204	3	1
Mai	207	1	0
Juin	214	4	0
Juillet	216	0	0
Août	214	4	1
Septembre	217	3	0
Octobre	215	4	0
Novembre	222	5	1
Décembre	219	212	1




Congés de circonstance



5

Congé de maternité



Congé parental

4

plein-temps

6

mi-temps

2

fractionné




1


Congé sans solde

3.2 Statistiken aus de Jugendservicer

Wunnsätz vum Personal




Geschlechterverdeelung




Vollzäit- an Deelzäitaarbecht



Alter vun de Mataarbechter*innen



CCT-SAS Carrièren vun de Mataarbechter*innen




Anciennetéit vun de Mataarbechter*innen




3.3 Statistiken aus de Jugendhaiser

Wunnsätz vum Personal




Geschlechterverdeelung




Vollzäit- an Deelzäitaarbecht



Alter vun de Mataarbechter*innen




CCT-SAS Carrièren vun de Mataarbechter*innen



Anciennetéit vun de Mataarbechter*innen





4.

Service Comptabilité




4.1 Statistesch Auswäertungen

Wat d'Bewäertung vun den Zuelen ugeet, bezéien sech déi folgend Grafiken nëmmen op d'Ofrechnungen vun de Jugendhaiser, an net op déi vun anere Jugendservicer.

Wann een d'Zuelen vum "Service Comptabilité" evaluéiert, stellt ee fest datt d'Salären e bësse manner wéi dräi Véierel (71%) vun den Gesamtkäschte vun den Subsidien vun de Konventionspartner "Gemeng(en) a Ministère" ausmaachen.


Verbrauchte Budget aus de Jugendhaiser




	Aktivitéiten a Projeten	Betriibskäschten	Salären
2017	832 556,20	800 118,37	6 424 307,10
2018	921 088,85	792 313,24	7 876 990,18
2019	979 351,65	782 068,96	7 736 062,05

Bei der Projetsfinanzéierung vun de Jugendhaiser ergëtt sech folgend Bild:


- Projeten vun engem Montant vun 226.737,96 € (50%) goufe finanziert duerch d'50/50 Konvention.
- D'Gemengen hunn 103.256,66 € (23%) fir Projet'en zur Verfügung gestallt
- Ronn 116.011,86 € (26%) vun de Projeten goufen 2019 mat EU Fongen finanziert
- De Reschtbetrag gouf vum «Service National de la Jeunesse» mat 7.506,72 € bezuelt.






Déi folgend Grafik weist wéi an der Period 2017 bis 2019 d'Finanzéierung vun de Projeten opgedeelt ass. Wat haaptsächtlech erausstécht ass, datt ëmmer manner Projeten duerch de „Service National de la Jeunesse“ finanziert goufen a duerfir ëmmer méi iwwert d'50/50 Konventioun. De Volet „Rencontre“ gëtt net an dëser Grafik berécksiichtegt.

Wat d'Käschte vun der „Rencontre“ betrëfft, gesäit een eng Erhéijung vun 9,30% vun 2017 bis 2019. Ausgedréckt an Zuelen: am Joer 2017 waren et 481.101,92 €, 2018 waren et schon 515.048,27 € an am Joer 2019 hunn d'Jugendhaiser 525.838,45 € als Deel vun der „Rencontre“ ausginn. Dëst ass dorop zeréckzeféieren, datt op Ufro vum MENJE, d'Jugendhaiser hir Projeten, déi fir méi wéi 1 Joer widderholl goufen, net méi als Projet consideréiert a gebucht solle ginn, mee als Aktivitéiten.



Finanziell Participatioun vun deene Jonken fir Aktivitéiten a Projeten fir 2019 an % ausgedréckt





5.

Allgemeng Infoen



5.1 DLJ a.s.b.l.



Haaptamtlech MatarbechterInnen

Direktioun

Caroll Kremer Chargée de direction, Pédagogue

Qualitéit a Kommunikatioun

Jérôme Mailliet Assistant à la direction, Pédagogue

Valérie Ricciardi Agente administrative & graphiste

Ressources Humaines

Peggy Glodt Agente administrative

Comptabilité

Luc Coljon Comptable

Nadia De March Secrétaire comptable



Caroll Kremer	26 29 32 38	caroll.kremer@dlj.lu
Jérôme Mailliet	26 29 32 40	jerome.mailliet@dlj.lu
Luc Coljon	26 29 32 37	luc.coljon@dlj.lu
Nadia De March	26 29 32 31	nadia.demarch@dlj.lu
Peggy Glodt	26 29 32 32	peggy.glodt@dlj.lu
Valérie Ricciardi	26 29 32 39	valerie.ricciardi@dlj.lu



dlj.lu



Méindeg bis Freideg vun 8:00-17:00

5.2 DLJ Memberen 2019

★ Member am CA vum DLJ

✓ Member am Qualitätszirkel vum DLJ

A.S.B.L. Uelzechtdall	10, rue des Martyrs L-7375 LORENTZWEILER	M. Paul Bach (<i>président</i>)
✓ Adm. Communale Mondorf-les-Bains	1, place des Villes Jumelées L-5601	M. Steve Reckel (<i>bourgmestre</i>)
ANIJ Luxembourg a.s.b.l.	87, route de Thionville L-2611 LUXEMBOURG	M. Henri Reding (<i>président</i>)
Anne a.s.b.l.	24, boulevard Joseph II L-1840 LUXEMBOURG	M. Rhett Sinner (<i>président</i>)
Anonym Glécksspiller a.s.b.l.	1b, rue Thomas Edison L-1445 STRASSEN	M. Georges Clees (<i>président</i>)
ARCUS a.s.b.l.	50, avenue Gaston Diderich L-1420 LUXEMBOURG	M. Jacques Wolter (<i>président</i>)
ASTI a.s.b.l.	10-12, rue Auguste Laval L-1922 LUXEMBOURG	Mme Laura Zuccoli (<i>présidente</i>)
AJL a.s.b.l.	2, rue du Fort Olisy L-2261 LUXEMBOURG	M. Romain Weis (<i>président</i>)
Centre de Médiation a.s.b.l.	87, route de Thionville L-2611 LUXEMBOURG	M. Paul Schroeder (<i>président</i>)
CGJL a.s.b.l.	87, route de Thionville L-2611 LUXEMBOURG	Mme Chrystelle Brassinne (<i>présidente</i>)
CNAPA	8-10, rue de la Fonderie L-1531 LUXEMBOURG	M. Henri Grün (<i>président</i>)
CIRJE Eechternoacher Jugendhaus a.s.b.l.	21-23, rue Hooveleker Buurchmauer L-6418 ECHTERNACH	Mme Marcy Uffheber (<i>présidente</i>)
★ CRIAJ a.s.b.l.	20, rue de la Poste L-6774 GREVENMACHER	Mme Livia Vivas (<i>présidente</i>)
★ CRIJE Esch/Alzette a.s.b.l.	65, rue Zénon Bernard L-4031 ESCH/ALZETTE	Mme Danielle de la Gardelle (<i>présidente</i>)
Croix-Rouge Luxembourgeoise	44, boulevard Joseph II L-2014 LUXEMBOURG	M. Michel Simonis (<i>directeur général</i>)
✓ EVEA a.s.b.l.	Herrenstrasse 8 D-54673 NEUERBURG	M. Franz Bittner (<i>président</i>)
Fondation FNEL	61, rue de Trèves L-2630 LUXEMBOURG	M. Pierre Matagne (<i>président</i>)
Fond. Lëtzebuerger Guiden a Scouten	5, rue Munchen Tesch L-2173 LUXEMBOURG	M. Matthieu Schmit (<i>chargé de direction</i>)
★ Générations 2000 a.s.b.l.	40, Grand Rue L-3320 BERCHEM	Mme Catherine Jezek (<i>présidente</i>)
✓ Graffiti a.s.b.l.	4, place des Rotondes L-2448 LUXEMBOURG	M. Christoph Dublin (<i>président</i>)
★ Inter-Actions a.s.b.l.	73, côte d'Eich L-1450 LUXEMBOURG	M. Roger Faber (<i>directeur</i>)
✓ Jugend- a Multimediahaus Nidderaanwen a.s.b.l.	130, route de Trèves L-6960 SENNINGEN	M. Fréd Ternes (<i>président</i>)

Jugend Monnerech a.s.b.l.	1, rue de l'Église L-3917 MONDERCANGE	M. Yannick Faber (<i>président</i>)
Jugendhaus Gemeng Betzder a.s.b.l.	20, route de Luxembourg L-6901 ROODT/SYRE	M. Rhett Sinner (<i>président</i>)
Jugendhaus Miersch a.s.b.l.	2, rue Jean Majerus L-7555 MERSCH	M. Pol Schaus (<i>président</i>)
✓ ☆ Jugendhaus Rëmeleng a.s.b.l.	7, rue des Artisans L-3712 RUMELANGE	Mme Jessica Tintinger (<i>présidente</i>)
Jugendhaus Wooltz a.s.b.l.	59, rue Michel Thilges L-9502 WILTZ	Mme Renée Glod-Fretz (<i>présidente</i>)
Jugendtreff Déifferdang a.s.b.l.	5, rue Roosevelt L-4662 DIFFERDANGE	M. Roberto Traversini (<i>président</i>)
✓ Jugendtreff Käl Téiteng a.s.b.l.	1A, rue de l'Hôtel de Ville L-3674 KAYL	M. Romain Becker (<i>président</i>)
☆ Jugendtreff SABA a.s.b.l.	75, rue de Belvaux L-4418 SOLEUVRE	M. Alain Cornély (<i>président</i>)
JUKI Jugendheiser Gemeng Kielen a.s.b.l.	15, rue de Mamer L-8280 KEHLEN	M. Guy Scholtes (<i>président</i>)
✓ Maison des Jeunes et de la Culture Bettembourg a.s.b.l.	37, route d'Esch L-3230 BETTEMBOURG	Mme Nathalie Franck (<i>présidente</i>)
☆ MJ des communes de Bous, Remich, Schengen et Stadtbredimus a.s.b.l.	4, route du Vin L-5549 LUXEMBOURG	M. Ben Wagener (<i>président</i>)
Mérite Jeunesse	40, boulevard Pierre Dupong L-1430 LUXEMBOURG	Mme Christine Gouverneur (<i>secrétaire générale</i>)
Nordstadjugend a.s.b.l.	7, avenue de la Gare L-9233 DIEKIRCH	M. Maurice Losch (<i>président</i>)
Péitenger Jugendhaus a.s.b.l.	1, place de la Libération -4753 PETANGE	M. Romain Becker (<i>président</i>)
Phoenix a.s.b.l.	87, route de Thionville L-2611 LUXEMBOURG	M. André Feller (<i>directeur</i>)
Réidener Jugendtreff a.s.b.l.	1, rue de Niederpallen L-8506 REDANGE	M. Jeff Muller (<i>président</i>)
Schëfflenger Jugendhaus a.s.b.l.	10, avenue de la Libération L-3850 SCHIFFFLANGE	Mme Enesa Agovic (<i>présidente</i>)
✓ ☆ Schëtter Jugendhaus a.s.b.l.	2, place de l'Église L-5367 SCHUTTRANGE	M. Robert Hutmacher (<i>président</i>)
Service Enfants et Jeunes de la Commune de Hesperange a.s.b.l.	474, route de Thionville L-5886 HESPERANGE	M. Christian Ewert (<i>président</i>)
☆ Zentrum fir politesch Bildung	28, route de Diekirch L-7220 WALFERDANGE	M. Nico Meisch (<i>président</i>)

5.3 DLJ a.s.b.l. ënnerstëtzen

Wéi Dir den Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen ënnerstëtze kënnt :

... duerch Äre benevollen Engagement

Eis Gesellschaft leeft vu benevollem Engagement. Benevoller leeschten ee wichtege Beitrag fir d'Erfëllung an Ënnerhaltung vun zentrale gesellschaftleche Funktiounen vu sozialem, kulturellem a politeschem Liewen. Ouni den onermiddlechen Asaz vu Benevolle wier déi grouss Panoplie un ënnerschiddlechen Servicer an Déngschtleschtungen net eréischt méiglech. Et iwwerrascht also net, datt d'Benevolat eng wichteg Sail fir d'Versuergung, d'Bildung a d'Liewensqualitéit an eiser Gesellschaft duerstellt.

Benevole Associatiounen liewe vum Asaz a vum Engagement vun hire benevole Memberen. Dëst betrëfft ganz besonnesch och d'Träger an d'Gestionnaire vun de Jugendstrukturen zu Lëtzebuerg, déi sech dagdeeglech fir d'Interessen an d'Besoinen vu Jonken asetzen.

D'Diversitéit vun de Jugendhaiser a Jugendstrukturen hei am Land kéint ouni den onermiddlechen Asaz vu Benevollen net an der Form existéieren, wéi se et haut mécht. Den Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen mécht sech staark dofir, dat d'Benevolat an de Jugendstrukturen och an Zukunft bestoe kann, an hirer wichteger gesellschaftlecher Aufgab am Sënn vun de Jonken gerecht ka ginn.

... duerch ee finanziellen Don

Done si Wëllkomm.

Wann Dir eis dobäi Hëllef wëllt, datt dat benevolet Engagement am Lëtzebuerger Jugendsektor och weiderhinn erhale bleift, da kënnt Dir eis gär en Don maachen :

Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen a.s.b.l.
CCRALULL
IBAN LU52 0099 7800 0021 9931

Villmools Merci !




MERCI

Villmools Merci un d'Memberen, de Verwaltungsrot, d'Ekipp,
de Qualitéitsbeoptraagten a d'Membere vum Qualitéitszierkel vum DLJ!

Den CA an d'Ekipp vum DLJ soen all de Membere Merci fir déi gutt
Zesummenaarbecht. E besonnesche Merci geet un déi vill fräiwëlleg Membere fir
hiere groussen Engagement fir d'Jugendarbecht an hirer Gemeng!

Den DLJ zielt op seng vill Netzwierker.
Merci un all Partner, Frënn an Ënnerstëtzer!





Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen

87, route de Thionville | L-2611 Luxembourg | T. +352 26 29 32 35 | hello@dlj.lu

www.dlj.lu